Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung, Energie & Mobilitéit weiderzeleeden.

D'NGO *Global Footprint Network* huet dëst Joer de 29te Juli als Äerdiwwerlaaschtungsdag (*Earth Overshoot Day*) confirméiert. Dat ass den Dag, un deem d'Mënschheet all Ressourcen op der Äerd verbraucht huet, déi normalerweis fir ee Joer missten duergoen. Ab dësem Dag gëtt consideréiert, dass d'Mënschheet hir Ressourcen op Kredit bezitt, dëst op d'Käschte vun eiser Natur an eise Kanner a Kandskanner. No den Donnéeë vun der Website *overshootday.org* huet Lëtzebuerg schonn de 16ten Februar seng Ressourcë verbraucht, wat 5 Deeg no Katar ass an ee Mount virun den USA. Dëst heescht, dat wa jiddereen op der Äerd esou géif liewe wéi Lëtzebuerg, dass d'Ressourcë schonn de 16te Februar opgebraucht wären.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi huet sech de gesamten CO2-Ausstouss vu Lëtzebuerg vun 2014 bis 2019 entwéckelt?

2. Wou steet Lëtzebuerg haut am Vergläich mat sengen Nopeschlänner an de Länner vum G7, wann een den CO2-Ausstouss pro Kapp vergläicht?

3. Wéi huet sech de gesamte Waasserverbrauch vu Lëtzebuerg vun 2014 bis 2019 entwéckelt? An der gläicher Period, wéi huet sech de Grondwaasserspigel am Land am Duerchschnëtt verännert?

4. Wéi huet sech de gesamte Stroumverbrauch vu Lëtzebuerg vun 2014 bis 2019 entwéckelt?

5. Vun 2014 bis 2019,
   - wéi huet sech den Undeel un erneierbaren Energien zu Lëtzebuerg entwéckelt?
   - wéi vill Prozent vum importéierte Stroum staamt net aus erneierbaren Energiequellen?

6. Wéi vill Neiween goufe pro Joer vun 2014 bis 2019 zu Lëtzebuerg ugemellt? Opgelëscht pro Joer, wéi héich ass de gesamten CO2-Ausstouss vun all Fuerpark u Neiween? Wou steet Lëtzebuerg hei am Vergläich mat sengen Nopeschlänner?

7. Deene meeschte Prognosen no wäert déi lëtzebuergesch Wirtschaft an de folgende Jore weider wuessen. Dëst bedeit méi Aarbechtsplazen an awer och, dass ëmmer méi Mënschen op Lëtzebuerg wäerte wunne kommen. Mat Bezuch op all déi vireg gefrote Wäerter, mat wéi enger Entwécklung rechent d'Regierung fir déi nächst Joren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange